FEDERATION GENERALE DES EXPEDITIONNAIRES ET COMMIS DE L'ETAT A.s.b.l. affiliée à la CGFP

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2007

Informatioun's Bulletin

iwwert den Avancement no zwielef Joer

Dir Dammen an Dir Hären,

d'Gesetz vum 17. Juli 2007 (Gesetzesprojet 5656, deen den 20. September 2006 an der Chamber deponéiert ginn ass), huet ënnert anerem d'Gesetz vum 22. Juni 1963 iwwert d'Gehälter vun de Staatsbeamte geännert.

Dës Dispositioun ass am Interessi vum ëffentlechen Déngscht, vun de Statsbeamten a ganz besonnesch vun den Expéditionnairen. Doduerch dat mer ee bis zwee Graden manner hunn wéi déi aner hiérarchieséiert Carrièren, kënnt et méi séier bei den Expéditionnairen zu engem Blockage vun hiren Avancementer. Dëse Blockage kann an extrem Fäll bis zwanzeg Joren daueren.

D'Gesetz gesäit vir, dass Beamten, déi méi wéi zwielef Joer an deemselwechte Grad blockéiert sinn, d'Méiglechkeet vun engem Avancement en Traitement kréien.

Dës Moossnam war schonns am Accord salarial vum 31. Mee 2005, op Propositioun vun der FGEC, virgesinn.

De Staatsrot huet an sengen Avisë vum 5. Juli a vum 11. Oktober 2005 ugekënnegt, dass hie keen Accord zu enger Dispens zum zweete Vote kéint ginn, wann déi Moossnam net op d'Riichtere géif ausgedehnt ginn. D'Kommissioun vun der Fonction publique huet doropshin am Dezember 2005 d'Entscheedung geholl, fir déi Bestëmmung aus dem Projet de loi 5486 iwwert den deemolegen Accord salarial erauszehuelen.

D'Regierung huet an engem zweeten Ulaf, dësen Avancement en Traitement och op d'Riichteren, an zwar vun de Grade M2 a M3, ausgedehnt. De Statsrot ass mat där Léisung d'Accord gewiescht. Den Text gesäit elo vir, dass deen eenzelne Beamten, dee während zwielef Joer keen Avancement kritt huet, en aussergewéinlecht Avancement ka kréien op seng Demande hin.

Den Avancement ass also ofhängeg vun engem Avis vum Verwaltungschef. Wat déi lescht Bestëmmung ugeet, haten d'Beruffschamber an och de Staatsrot virgeschloen, fir deen Avancement automatesch ze maachen. D'Kommissioun vun der Chamber huet sech majoritaire fir d'bäibehale vum Regierungstext ausgeschwat, well och déi heite

Bestëmmung ugesidelt ka ginn bei de grades de substitution, wou souwisou och den Avis vum Verwaltungschef virgesinn ass.

Den Textvirschlag ass eestëmmeg souwuel vun der Kommissioun wéi och vun der Chamber ugeholl ginn.

Deemools ass op Wonsch vun der FGEC dës Propose an den Accord salarial vun der CGFP iwwerholl ginn. Et ass ze bedaueren, datt et esou laang gedauert huet, bis dat Gesetz hei konnt entstoen. Ouni den Drock vun der FGEC an sengem Daachverband, d'CGFP, wär mat Sécherheet ni eppes zustane komm.

Et ass eng allgemeng Wouerecht, datt eng Gewerkschaft nëmmen sou staark ass wéi d'Unzuel vun hire Membere grouss ass. Esou kënne mer méi fir d'Expéditionnairen erreechen. Och an Zukunft kommen nach sou munnech Erausfuerderungen op ons Carrière duer.

Mir sinn um richtege Wee, a mir brauche weider är Ënnerstëtzung. Frot är Aarbechtskollegen op se schonns bei der FGEC affiliéiert sinn.

Mat beschten Gréiss,

Edouard Viana
Generalsekretär

Gilbert Goergen
President

Denkt drun, wann Dir iwwert zwielef Joer an ärer Carrière blockéiert wor an och genuch Couren vum INAP ofgeschloss hutt fir kenne weider ze avancéieren, da maacht elo eng Demande un äre Verwaltungschef fir an de Genoss vun de Punkten vum nächste Grad ze kommen.

Méi Informatioune fannt Dir op onsem Internet Site

www.fgec.lu

Den Internet Site fir d'Carrière vum Expéditionnaire a Commis beim Staat